



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Här Fernand Kartheiser
PL 6877

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2016

1

MOTIOUN

D'Deputéierte-Chamber,

Ass sech bewosst

- datt Natur-, Ëmwelt- a Klimaschutz wichteg Politike sinn, fir eis selwer mee virun allem och fir eise Kanner a Kanneskanner eng liewenswäert Welt ze erhalen respektiv ze hannerloossen;
- datt ëmmer méi Gesetzer an dësem Beräich an internationale Gremie formuléiert ginn, déi net onbedéngt ëmmer genuch op Lëtzebuerger Spezifizitéite Rücksicht huelen;

Ass besuergt


- datt Ëmweltschutzgesetzer och kënnen, op d'mannst kuerzfristeg, negativ Konsequenze fir verschidde Beräicher mat sech brengen;
- datt déi wichteg Secteure vun eiser Wirtschaft, wéi z.B. déi kleng a mëttel Betriber, d'Industrie an d'Agrikultur wéi och de Wäibau, besonnesch ënner neie Reglementatiounen a punkto Natur-, Ëmwelt- a Klimaschutz kéinten an iwwerproportionellem Ausmooss am Vergläich zu hirer auslännescher Konkurrenz leiden ;
- datt esou Gesetzer a Reglementatioune grad eiser exportorientéierter Wirtschaft hir Kompetitivitéit kéinte verschlechteren;

Fuerdert d'Regierung op

- bei reng nationale Gesetzer a Reglementatiounen, mee och bei europäeschen Direktiven a Reglementer, déi an der Chamber an national Recht ëmgesat oder soss diskutéiert ginn an déi de Natur-, Ëmwelt- oder Klimaschutz betreffen, systematesch eng detailléiert Impaktstudie vun deene Moossnahmen esou wuel am Hibléck op déi finanziell an administrativ Belaaschtung wéi och op d'Kompetitivitéit vu betraffene Lëtzebuerger klengen a mëttelgrousse Betriber, Industrie- an Agrarbetriber ze maachen.

Verlaangt

- datt all Gesetzesentwurf an deem Domän esou eng Impaktstudie opweist fir et der Chamber ze erlaben, den Impakt vun dene projetéierte Moossnahmen besser anzeschätzen.


F. Kartheiser